Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Am Magasinn "Roude Léiw" gëtt d'Presidentin vun Déi Gréng an engem Interview zur Fussball WM am Katar befrot. Esou seet si: *"En ce sens, il faudrait, en tant que Fédération mondiale, sans doute repenser ce cahier des charges et y ajouter des critères plus stricts en matière de droits humains, d'écologie, etc."* Qatar Airways huet um Findel méi Fräiheete wéi déi meeschten auslännesch Fluchgesellschaften. Duerch eng Level 5 Loftfräiheet kënnen si Departe vum Findel aus maachen, déi an Drëttstaaten ginn amplaz nëmmen an de Qatar ze fléien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert Qatar Airways dës Level 5 Fräigab behaalen?
2. Wäert d'Regierung an Zukunft ee Cahier des charges zu de Mënscherechter an Ëmweltfakteure fir Fluchgesellschaften aféieren?
3. Wa jo, wäert Qatar Airways kontrolléiert ginn an gegebenfalls dës grouss Fräiheete verléieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député